



Här Claude Wiseler  
President vun der Chamber  
vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20te Mäerz 2024

### Ufro vun enger Aktualitéitsstonn zum Bewäertungssystem am öffentlechen Déngscht

Här President,

Dem Artikel 84 vum Chambersreglement entspriechend, maachen d'PIRATEN eng Demande fir eng Heure d'actualité iwwert d'Thema vum Evaluierungssystem am öffentlechen Déngscht.

Am Accord salarial 2022 hat déi deemolëg Regierung am Punkt 10 Folgendes akzeptéiert:

*"Le système d'appréciation sera aboli avec effet au 1er janvier 2023. Toutefois, ce système sera maintenu pour les fonctionnaires stagiaires et les employés de l'Etat en période d'initiation."*

Mam Gesetzesprojet 7880 iwwert d'Organisatioun vun der Lëtzebuenger Arméi, wat de 7ten August 2023 zum Gesetz gouf, ass trotzdeem ee separaten Bewäertungssystem fir d'Arméi agefouert ginn. An enger entspriechender Motioun hunn déi deemolëg Majoritéitsparteien DP-LSAP-Déi Gréng sech fir esou ee Bewäertungssystem ausgeschwat. Déi häiteg Regierungspartei CSV hat deemols géint dës Motioun gestëmmt an eng eege Motioun proposéiert an där hir Deputéierten kloer d'Fuerderung gestallt haten, dass de Punkt 10 vum Accord salarial 2022 "*rigoureusemen*t" respektéiert sollt ginn.

D'Staatsbeamtengewerkschaft CGFP huet haut an enger Pressekonferenz annoncéiert, dass si rechtlech Schrëtt géint de Bewäertungssystem wäert an d'Weeër leeden.

Mat héijem Respekt,



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

---



CLEMENT Sven  
Deputéierten

